

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. Dezember 2021

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nummer 5155 vun der honorabler Deputéiert Madamm Myriam Cecchetti schreift den Här Minister ënner anerem dat hei: *"Le Ministre a également proposé d'évaluer le fonctionnement du système de stockage de gaz naturel en Europe ainsi que la stratégie d'achat de gaz à long terme par les fournisseurs sur le marché européen"*.


An deem Zesammenhang géife mir dem Här Minister gär dës Froe stellen:

- 1) Iwwer wéi héich Äerdgasreserve verfüügt Lëtzebuerg aktuell? Plangt d'Regierung eng zäitno Erhéijung vun dëse Reserven?
- 2) Waer Lëtzebuerg bereed, am Kader vun engem europäeschen Effort, Aerdgas op eisem nationalen Territoire ze stockéieren? Wéi eng aner méiglech Modalitéite vun enger Lëtzebuerger Participatioun gesäit den Här Minister nach bei engem "système de stockage de gaz naturel en Europe", wéi hien e proposéiert huet?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten



Fred Keup
Deputéierten